N°1262
Entrée le 04.11.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

**Äntwert vun der Madamm Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 1262 vum 1. Oktober 2024 vum honorabelen Deputéierten Här Sven Clement.**

*1. Wéi vill zousätzlech Impfstoff-Dosen hu missen zerstéiert ginn zënter dem 8. Januar 2024? Kann d'Ministesch eng aktualiséiert Opstellung no Hiersteller liwweren?*

Zënter dem 8. Januar sinn 258 488 Impfstoff-Dosen zerstéiert ginn.

| Impfstoff | Unzuel un Dosen déi zerstéiert goufe säit dem 8.1.2024 an no Hiersteller opgeléscht |
|---|---|
| Novavax | 600 |
| BioNTech-Pfizer | 257 888 |

*2. Wéi héich ass de Käschtepunkt vun den zerstéierten Dosen zënter dem 8. Januar 2024, souwuel fir d'Impfstoffer selwer wéi och fir hir Entsuergung?*

De Käschtepunkt vun den zerstéierten Dosen zënter dem 8. Januar 2024 beleeft sech op 5 179 680,48 €. De Käschtepunkt vun der Entsuergung beleeft sech op 1 401,80 €.

*3. Gouf et säit dem leschte Bericht Ännerungen am Impfstoff-Bestand? Falls jo, kann d'Ministesch eis eng aktualiséiert Lëscht mat den Oflafdatumer an der Unzuel u Flacone vun all de verschiddenen Impfstoffer liwweren?*

De follgenden Tableau liwwert d'Unzuel vum Stock op den 21. Oktober 2024.

| Péremptions par vaccins | Flacons | Doses/ flacon | Stock Doses |
|---|---|---|---|
| **PFIZER COMIRNATY TRIS-ADULTS RTU 30MCG XBB.1.5 MONO** | | | |
| **31 jan. 2025** | 2 134 | 6 | 12 804 |
| **PFIZER COMIRNATY CHILDREN TRIS-5-11 YRS DUT 10MCG XBB.1.5 MONO** | | | |
| **31 oct. 2024** | 547 | 10 | 5 470 |
| **31 jan. 2025** | 960 | 10 | 9 600 |
| **PFIZER COMIRNATY PEDIATRIE TRIS-6MONTHS-4YRS DTU 3MCG XBB1.5 MONO** | | | |
| **31 oct. 2024** | 473 | 10 | 4 730 |
| **COMIRNATY JN.1 30 MICROGRAMS/DOSE DISPERSION FOR INJECTION- ADULTS** | | | |
| **30 nov. 2025** | 14 950 | 6 | 89 700 |
| **31 dec. 2025** | 5 760 | 6 | 34 560 |
| **COMIRNATY JN.1 30 MICROGRAMS/DOSE DISPERSION FOR INJECTION- 6MONTHS-4 YRS** | | | |
| **31 août 2025** | 1 919 | 3 | 5 757 |
| **COMIRNATY JN.1 30 MICROGRAMS/DOSE DISPERSION FOR INJECTION- 5-11 YRS** | | | |
| **31 août 2025** | 474 | 10 | 4 740 |

*4. Wéi vill vun de 464.354 Dose Comirnaty (BioNTech-Pfizer), déi nach erwaart goufen, sinn an der Tëschenzäit geliwwert ginn? Gouf et Ännerungen am Liwwerungsplang fir d'Joren 2024 bis 2026?*

Am Joer 2024 goufen 145 920 Dosen Comirnaty (BioNTech-Pfizer) geliwwert. 2025 an 2026 wäerte jeeweils 158 405 Dosen Comirnaty geliwwert ginn.

Ab 2027 gëtt den Approvisionnement u Vaccinen géint Covid-19 am Aklang mat der nationaler Legislatioun iwwer ëffentlech Marchéen duerchgefouert.

Wéinst dem MOQ (Minimum Order Quantity), wat der Gréisst vu Liwwerungen entsprécht, kënne vertraglech Volumen munchmol liicht vun den effektiv geliwwerte Volumen ofwäichen. Adaptatiounen un de järleche Liwwerungspläng mussen heiansdo gemaach ginn, sou dass d’geliwwert Volumen esou no wéi méiglech un déi vertraglech Volumen erukommen. Dëst erkläert, firwat d’Unzuel vun den effektiv geliwwerte Comirnaty Dosen 2024 (145 920 Dosen) méi niddreg war wéi de vertragleche Volumen vun 147 544 Dosen.

*5. Gëtt et nei Entwécklungen a Bezuch op d'Verhandlunge mat de Produzenten iwwer d'Liwwerungen an de Präis vun den Impfstoffer?*
*Falls jo, wat sinn d'Detailer vun dësen Entwécklungen?*

Et gëtt keng weider Entwécklungen a Bezuch op d'Verhandlunge mat de Produzenten säit dem 8. Januar 2024.

Lëtzebuerg, den 4. November 2024

D'Ministesch fir Gesondheet
a sozial Sécherheet

(s.) Martine Deprez